1-2020-O-J-6367-01 (n°3473)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2021

HA au sujet de l'organisation de la sécurité publique

8

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten

constatéiert,

- datt de Phänomeen vun den organiséierten Heeschebanden zu Lëtzebuerg staark verbreet ass;
- datt et inakzeptabel ass, datt Leit, dorënner och jonk Leit a Leit mat enger Behënnerung, zum Zweck vun der Heescherei exploitéiert ginn;

fuerdert d'Regierung op:

- der Chamber e Projet de loi bis spéitstens den 1. August 2021 virzeleeën, deen déi organiséiert Heescherei an d'Heescherei a Banden um ganzen Territoire soll verbidden an dobäi all néideg prozedural Modalitéiten, inklusiv bei der Beweisféierung, virzegesinn, déi d'Effikassitéit vun där Moossnam och garantéieren;
- op europäeschem Niveau eng Aschränkung fir d'Beweegungsfräiheet vun EU-Bierger an dat europäescht Recht ophuelen ze loossen, déi d'Aktivitéit vum Heeschen an engem anere Staat, wéi deem, vun deem dës Persoun d'Nationalitéit oder säi Wunnsëtz huet, verbitt.

Fernand Kartheiser